

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg  
Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

De 15. Mäerz 2021 gouf d'Madame Minister mat folgender Wierder op RTL.lu zitéiert: „Et muss een dës awer an de Kontext vu Lëtzebuerg setzen. Mir si ganz international opgestallt an hu vill Leit déi vun hannert der Grenz op Lëtzebuerg kommen. Wéini kennt een an eng preventiv Detention? Dat ass wann eng Gravitéit vun engem Fait virleit an wann e Risk besteet, datt eng Fluchtgefor do ass. Déi gëtt presuméiert wann ee net zu Lëtzebuerg wunnt. Da muss een och wëssen, datt d'Hallschent vun de Leit déi zu Schrasseg sinn, net Residenten zu Lëtzebuerg sinn. An déi Zuele kann een och ongeféier fir d'Untersuchungshaft bestätegen.“

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Minister:

- 1) A wéi enge Länner haten déi verschidden aktuell Gefaangenen hire leschte Wunnsätz? Kann d'Madamm Minister dozou eng Tabell dozou presentéieren?
- 2) Wéi vill Persounen, déi zu Lëtzebuerg verurteelt gi sinn, setzen aktuell hir Strof an engem Prisong am Ausland of? Wéi vill Persounen déi am Ausland verurteelt gi sinn, setzen aktuell hir Strof an engem Prisong zu Lëtzebuerg of?
- 3) Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung pro Nationalitéit vun de Gefaangenen zu Lëtzebuerg? Kann d'Madamm Ministesch och dozou eng Tabell presentéieren?
- 4) Wéi eng Schwierigkeeten oder Erausforderungen erginn sech aus dem Fakt dass d'Hallschent vun de Gefaangenen aus dem Ausland kommen?
- 5) Wéi eng Schwierigkeeten oder Erausforderungen erginn sech aus dem Fakt dass d'Populatioun vum Prisong ganz divers ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten